Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Ëmmer méi Leit entdecken de Klammsport fir sech, och besonnesch dobaussen an der Natur. Hei am Land gëtt et awer just eng Plaz, fir um Fiels ze klammen, nämlech an der Wanterbaach zu Bäerdref. Deementspriechend ass de Site vill belaascht, an duerfir envisagéiert d'Klammfederatioun (FLERA), fir weider Plaze fir de Sport opzemaachen. D'FLERA weist allerdéngs drop hin, datt et op ville Plazen hei am Land, déi fir dës Aktivitéit a Fro kéimen, onméiglech wier, eng offiziell Geneemegung ze kréien, well déi betreffend Gebidder opgrond vun nationalen oder europäesche Bestëmmungen ënner Naturschutz stinn. Dobäi komme bürokratesch Hürden, déi eng séier Léisung vum Problem onméiglech maachen. Sou liest een am engem rezenten Artikel op RTL („Naturschutz vs. nei Klammgebidder"): *„Schonn eleng fir d'Impakt-Etüden a fir all d'Donnéeën ze sammelen, brauch een op d'mannst ee Joer. Nei Klamsitten am Grand-Duché sinn deemno emol net fir haut a muer."*

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Minister an un den Här Minister:

1) Wären nach ausser der Wanterbaach an der Gemeng Bäerdref nach aner Sitten am Land méiglech, fir de Klammsport auszeüben?
2) Ginn et Bestriewungen op Säite vun der Regierung, fir de Klettersportler hei am Land entgéintzekommen am Hibléck op nei Klammsitten? Wa jo, wat fir Mesurë ginn zu deem Zweck ënnerholl oder si schonns ënnerholl ginn?
3) Wéi ka verhënnert ginn, datt déi sportlech Aktivitéiten hei am Land ëmmer méi zréckgedrängt bzw. aus der fräier Natur verbannt ginn, well d'Land ëmmer méi verbaut gëtt a well ëmmer méi Plazen hei am Land zu Naturschutzgebidder erkläert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten Jeff Engelen, Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**